# NEWSLETTER LSAP BEETEBUERG

**Februar 2018**

## Provisoresch Maison Relais ï Hei feelt de roude Fuedem!




Ënnert der Dräier-Koalitioun goufen ze wéineg Maison-Relais-Plazen geschaafen, ënnert der LSAP déi 6 Joer virdrun goufen 300 Platzen realiséiert.

Mir froen ons firwat den Schäfferot déi lescht 6 Joer geschlof huet, a keng Maison Relais gebaut huet?

Am Dezember 2017 huet de Schäfferot dem Gemengerot matgedeelt dass eng provisoresch Struktur fir 190 Kanner, déi op der Waardelëscht fir d'Maison Relais stinn, geschaaffe soll ginn. Fir dës Struktur ze bauen huet d'Gemeng en Terrain an der Rue Fernand Mertens fir **2 Milliounen Euro** kaaft (wat d'LSAP eestëmmeg matgedroen huet). Dës provisoresch Maison Relais sollt aus Container bestoen an et waren **2,5 Milliounen Euro** am Budget virgesinn!

Am leschte Gemengerot vum 23 Februar 2018 sollt elo e neie Projet gestëmmt ginn!

E modulart Gebai, mat 2 Niveau'en, mat den Raimlechkeeten fir d'Maison Relais an 3 zousätzlech Klassesäll fir de Precoce krute mir presentéiert! Dëst Gebai ass elo mat **6,5 Milliounen Euro** budgetéiert, Parking asw net mat abegraff! Et feelt en Accès (op all Niveau) fir Kanner mat enger Behënnerung (no laanger Diskussioun, krute mir dësen Accès nach duerchgesat) an u Solar Panneauen gouf och net geduecht. Op d'Nofro hin firwat dass elo och nach 3 zousätzlech Klassesäll fir de Precoce dobäi komm sinn, krute mir keng schlësseg Äntwert. Zukünfteg Schülerzuelen déi mir schonns am Dezember 2017 gefrot haten, goufe net genannt !

Dëse Provisorium, fir deen nëmmen een Devis fir läit, schätze mir op 10 Milliounen, wann en dann realiséiert ass!

Dës provisoresch Struktur soll elo schnell realiséiert ginn! Hoffentlech ass en fir den 15 September 2018 fäerdeg, well dann d'Schoul erëm ufänkt, mee e ïPlanningò ass nach net opgestallt ginn!

Mir konnten dësen onkompletten, provisoreschen an iwwerstierzten Projet am leschte Gemengerot vum 23. Februar 2018 net mat droen! Mee fir d'LSAP hunn **d'Schoul a Kannerbetreiung déi éischt Prioritéit**, dofir huet d'LSAP sech enthalen an **net** dergéint gestëmmt.